ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 29. Oktober 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Entwécklungshëllef an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Zënter 20 Joer huet Lëtzebuerg elo eng institutionaliséiert Entwécklungszesummenaarbecht mam Burkina Faso.

Leider ass et esou, datt a leschter Zäit verstäerkt Chrëschten Zilscheif vun terroristeschen Attacke besonnesch am Norde vum Burkina Faso ginn. Chrëschte gi geziilt ëmbruecht, dorënner och e Paschtouer, dee grad dobäi war, eng Mass ze halen, anerer gi verdriwwen. Glafwierdeg Quelle schwätze vun aktuell bis zu 135.000 verdriwwene Chrëschten an enger laanger Serie vun Attentater géint lokal Membere vum Klerus. D'Autoritéite vum Staat schéngen un deenen Tëschefäll awer net besonnesch interesséiert ze sinn oder net capabel ze sinn, sech der islamescher Gewalt ze widdersetzen.

Hannert deene Gewaltaktiounen, déi dacks vu Membere vu lokale muslimesche Populatioune gemaach ginn, schéngen awer international aktiv islamistesch Terrororganisatiounen ze stiechen.

An deem Kontext wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Regierung d'Situatioun vun de Chrëschten am Burkina Faso, besonnesch am Norde vun dem Land?
2. Gesäit d'Regierung e méiglechen Afloss vun islamisteschen, terroristesche Gruppéierungen an där Regioun? Wa jo, wéi hunn sech esou Organisatiounen a Westafrika an deene leschte Joren entwéckelt?
3. Wéi beuerteelt d'Regierung d'Verhale vun der Regierung vum Burkina Faso an dëser Problematik, besonnesch am Hibléck op de Schutz vun de Chrëschten?
4. Wat mécht déi lëtzebuergesch Regierung spezifesch fir de Schutz vun de Chrëschten am Burkina Faso?
5. Wéi eng lëtzebuergesch Organisatiounen (och Net-Regierungs-Organisatiounen, NRO) sinn am Norde vum Burkina Faso present a wéi beuerteelt d'Regierung hir Sécherheetssituatioun? Wat mécht déi Lëtzebuerger Regierung fir de Schutz vun de Mataarbechter vu Lëtzebuerger NROen am Burkina Faso?

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

6. Wéi eng Inzidenzen huet déi Gewalt géint Chrëschten am Burkina Faso op d'Entwécklungszesummenaarbecht tëschent Lëtzebuerg an dem Burkina Faso?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742